

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Weltausstellung zu Dubai gouf wéinst der Corona-Pandemie am Mee 2020 ëm ee Joer no hanne verréckelt op den Zäitraum vum 1. Oktober 2021 bis den 31. Mäerz 2022. Fir d'Bedreiwe vum Lëtzebuerger Pavillon ware bis dato 7 Milliounen Euro programméiert. De Bau vum Pavillon war mat 25 Milliounen Euro berechent. Et ass een dovun ausgaangen, datt ee 40 Mataarbechter fir d'Bedreiwe vum Pavillon brauch.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass d'Regierung informéiert, ob duerch d'No-Hanne-Réckele vun der Weltausstellung d'Käschte fir de Bau an d'Bedreiwe vum Lëtzebuerger Pavillon an d'Luucht ginn?
2. Wa jo, wien kënnt fir dëse finanzielle Méi-Opwand op?
3. Iwwerhuelen déi eenzel Sponsoren och een Deel vun dësem finanzielle Beitrag?
4. Wat fir Konsequenzen hat dëst No-Hanne-Réckele vun der Weltausstellung op d'Personal, wat fir d'Bedreiwe vum Lëtzebuerger Pavillon virgesi war?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten